Rapport vun eiser Réunioun
vum
26ten Februar 2015

Présent waren : Simone Frank, Danielle Thiry, Christiane Tempels, Manuela Reuter

Entschëllegt waren : Linda Chretien, Marcel Hagendoorn, Serge Schimoff

Ufank : 19.00 Auer

Logo Elterecomité

- Christiane ass drun, mee mir brauchen den Logo an engem aneren Format z.b indisign oder pdf oder photoshop.
- Simone freet dat bei der Direktioun un an soubaal mir den richtegen Format hun, kann och un der Gestaltung vum Logo geschafft ginn.
- Den Logo soll jo sou ähnlech bleiwen an dofir hat Danielle proposéiert Männercher am Logo grëng ze gestalten. Eng aner Propose vum Christiane war Männercher als en Erwuessener an en Kand ze machen.....
- En eischten Entworf kann dann bei der nächster Réunion virgestallt ginn.

Subside School's Cup

- Mir als Elterecomité hun eng Demande de Sponsoring vum LJBM kritt betreffend den School's Cup.
- En ass vum 4 op den 11 Abrëll an den Départ ass "Marina de Bormes les Mimosas" an Frankreich. Et sinn 18 Schüler déi dorun deelhuelen.
- Mir als Elterecomité hun beschloss den School's Cup mat engem Subside vun 500 € ze ënnerstëtzen.

Commission de restauration

- Detailer vun der Commission de restauration vum 12. Februar fand dir am Danielle sengem Rapport.

Fapel

- Den 3. Februar war Manuela an Réunioun vun der Fapel.
- Et waren sou ca. 14 Léit do, déi meescht aus dem fondamentale.
- En wichtegen Punkt bei deser Versammlung war déi Ongerechtegkeet, souwouhl an der Primärschoul wéi och am Lycée z.b. déi eng zeien 1 Punkt of, déi aner 2. Dann kann een net méi vun Chancengläichheet schwätzen. Déi eng sinn strukturéiet , déi aner net.....
- Detailer fand dir am Manuela sengem Rapport.
- Assemblée Générale vun der Fapel ass den 23. März 2015 !

- Nächst Réunioun ass ***Donneschdes den 26.03.2015 um 19.00 Auer***

Enn: 20.45 Auer